Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12. September 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Energieminister weiderzeleeden.

Am Artikel "*Creos ne peut pas prendre le contrôle de votre chauffage*" deen den 9. September am Paperjam publizéiert gouf, gëtt d'Angscht vu ville Leit thematiséiert, datt hir Smartmeteren an der Energiekris och kéinten agesat ginn, fir hire Konsum kuerzfristeg ouni hiren Accord ze plafonéieren oder souguer ganz ofzestellen. Den Artikel ziilt drop of, fir d'Bierger ze berouegen, gläichzäiteg gëtt awer och geschriwwen, datt Stéit lo schonn tëschent 22 a 6 Auer kënnen d'Leeschtung reduzéiert kréien, wann d'Nofro d'Offer vum Fournisseur iwwerschreit. Aktuell befanne mir eis op EU-Niveau an enger Phase wou gemeinsam fräiwëlleg Energiespuermoossname sollen decidéiert ginn, déi awer zu all Ablack mat qualifizéierter Majoritéit an Zwangsmoossname kënnen iwwerfouert ginn.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Minister gär dës Fro stellen:

1) Kann den Här Minister garantéieren, datt d'Smartmeteren nimools géint d'Lëtzebuerger Stéit agesat ginn, fir energiepolitesch Zwangsmoossnamen ze iwwerwaachen an duerchzesetzen, och wann um EU-Niveau decidéiert gëtt, datt fräiwëlleg Moossnamen net duerginn, fir der Energiekris ze begéinen?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten